

| Gréisseren Asaz beim Escher Spidol

Police hat eng arméiert Persoun gemellt kritt

RTL | Update: 10.11.2025 08:50



Zu Esch-Uelzecht gouf et e Méindegmoien e gréissere Policeasaz beim Escher Spidol, nodeems eng arméiert Persoun gemellt gi war, déi an d'Gebai era wéilt.

Wéi mir vun der Plaz gemellt kruten, stoungen op allen Ecke Polizisten, déi deels mat Maschinengewierer arméiert waren. Den Trafic zu Esch war deementspriedend och perturbéiert.

Wéi de Generaldirekter vum CHEM, den Dr. René Metz, eis erklärt huet, war bei der Police eng Warnung agaangen, datt eng Persoun mat enger Waff an d'Spidol era wéilt. Deementspriedend hätt d'Police en Dispositif bei d'Klinik geschéckt, fir de Site zouzemaachen. Den Asaz wier dem Generaldirekter no bannent enger gudder Stonn eriwwer gewiescht.

Verschidden Aenzeie soten RTL géintiwuer, dass et kuerz no 7 Auer schonn eng gewëssen Hektik am Spidol gouf. D'Patiente goufe gebiede séier eran an eraus ze goen. Detailer kruten d'Leit zu deem Ament awer keng.

Op Nofro bei der Police krute mir gesot, datt si am Laf vum Méindegmoien zum Asaz kommunizéiere wäerten.

6/9

